1-2020-0-M-6251-01 (n°3421)

Depot : Fred Keup

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 27. Januar 2021

Interpellation de M. Paul Galles
au sujet de la politique d'intégration
Débat de consultation sur
l'intégration

2

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt:

- d'Lëtzebuerger Sprooch en zentrale Faktor bei der Integratioun ass;
- et vu Virdeel wier, wann e méiglechst groussen Undeel vun den Awunner d'Lëtzebuerger Nationalsprooch schwätzen a verstoe géing;
- vill Auslänner d'Lëtzebuerger Sprooch wëlle léieren, mee domat Schwieregkeeten hunn, well ee si a villen Alldagssituatioune manner héiert, a si dacks net visuell am ëffentleche Raum ass;
- et net just fir d'Lëtzebuerger mee och fir d'Auslänner zu Lëtzebuerg wichteg ass, d'Méiglechkeet ze hunn Lëtzebuergesch ze notzen;
- dëst duerch Coursen an duerch Kommunikatioun geschitt, mee och duerch déi visuell Konfrontatioun, also duerch d'geschriwwent Wuert am Alldag;

ënnersträicht, datt d'Léiere vun der Lëtzebuerger Sprooch:

- fir keen en Nodeel bréngt;
- net am Widdersproch zur Méisproochegkeet steet, well sech dat och net géint aner Sprooche riicht, déi ëmmer och zousätzlech kënne benotzt ginn;

<u>fuerdert d'Regierung op</u>:

- d'Lëtzebuerger Sprooch am ëffentleche Raum méi ze benotzen, si „méi an d'Vitrinn ze stellen", dëst och visuell bei Schëlter, Panneauen, Nimm, Beschreiwungen an Informatiounen.

Keup Fred